



Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21 Juli 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kandheet a Jugend weiderzeleeden.

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3676 am Joer 2018 huet den Här Minister fir Educatioun, Kandheet a Jugend matgedeelt, datt 1 085 Kanner zu Lëtzebuerg hu missen placéiert ginn. Dovunner 539 Kanner an enger Fleegefamill an 546 an engem Foyer. Dobäi ass allgemeng unerkannt, datt d'Chance fir ee Kand als Erwuessenen autonom ze ginn, méi grouss sinn, wann en an eng Fleegefamill placéiert gëtt.

An dem Zesammenhang wéilt ech folgend Froen stellen:

- Wei ass d'Evolutioun vun dësen Zuelen? Ass et nach ëmmer esou, datt méi Kanner an e Foyer kommen, wei an eng Fleegefamill? A wei ville Fäll huet d'Fleegefamill e Lien mat de biologeschen Elteren (well et zum Beispill d'Grousseltere sinn déi d'Kand ophuelen)? A wei ville Fäll gëtt d'Kand an eng komplett friem Famill placéiert?
- Wei ass déi duerchschnëttlech Zäit, déi ee Kand an enger Fleegefamill verbréngt an a wei ville Fäll kann d'Kand, no enger gewëssener Zäit, erëm zeréck bei seng biologesch Eltere wunne goen? Ginn et Fäll wou esou ee Retour dono erëm muss réckgäweg gemaach ginn?
- An verschidde Noutfäll, wa keng Famill disponibel ass, gi Kanner och mol fir eng Zäit an der Kannerklinik placéiert, bis datt eng Plaz fir si fonnt gëtt. Sinn de Moment Kanner an deem Fall a wat gëtt ënnerholl, fir dës Praxis an Zukunft kënnen ze evitéieren?

Mat déiwen Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6524 vun der honorabeler Deputéiert Simone Asselborn-Bintz

Ad 1)

Beim leschte Recensement (1. Oktober 2021) waren 1.299 Kanner ausserhalb vun hirem Doheem placéiert, dovunner waren der 772 an enger Institutioun a 527 an enger Fleegefamill. Am Duerchschnëtt sinn d'Hallschent vun de Placementer a Fleegefamille bei enger Famill, déi ee Lien mat de biologeschen Eltere vum Kand huet.

Ad 2)

Placementer an enger Fleegefamill sinn, wéi all aner Placementer, duerch eng grouss Diversitéit u Cas-de-figuren ausgezeechent. Während verschidde Kanner fir kuerz Openthalter bei Fleegeeltere wunnen an dono dauerhaft bei hir biologesch Elteren zeréckginn, bleiwen aner Kanner bis zu hirem 18. Gebuertsdag oder doriwwer eraus an der Fleegefamill. Eng Duerchschnëttsdauer vun engem Placement kann dofir net pauschal determinéiert ginn, woubäi Laangzäitplacementer dominéieren, well déi biologesch Famillen Zäit brauchen, fir un hiren elterleche Kompetenzen a Ressourcen ze schaffen an hir Situatioun ze stabiliséieren.

Wann d'Kand rëm heem goe soll, gëtt de Retour bei déi biologesch Elteren dacks iwwer Méint intensiv virbereet an dofir sinn dës Retouren an den allermeeschte Fäll een Erfolleg.

Ad 3)

Vun de Kanner déi 2019 bis August 2022 (Stand: 26.08.2022) a Spideeler plazéiert goufen, sinn aktuell nach dräi Kanner am CHL plazéiert. Et sinn der awer och sechs am CHNP, zwee am Service national de psychiatrie juvénile an eent am CHEM plazéiert. Et sief awer präziséiert, datt de Jugendriichter just d'Spidol, wou de Placement soll exekutéiert ginn, designéiert, mee dem Spidol de Choix vum Service, an deem d'Kand soll opgeholl ginn, iwwerléisst.

Et sief och bemierkt, datt Kanner am Prinzip just an e Spidol plazéiert ginn, wa se e medezineschen Traitement brauchen, mee et effektiv wéinst Plazmangel an anere Strukture ka virkommen, datt d'Kand eng kuerz Period nom Schluss vum Traitement am Spidol bleift bis datt eng Plaz an enger anerer adaptierter Struktur fräi gëtt.

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH